



EISEN DICKS*200 Joer

Wéi den Edmond de la Fontaine 1823 an der Stad op d'Welt komm ass, huet eist Land dem Oranier Wëllem I. vun Holland – perséinlech – gehéiert; **mir waren also ni e Képpche vun sengem Kinnekräich Holland!**

De Jong vum Ignace de la Fontaine, engem ganz ‚Décken‘ (Gouverneur), ass an engem Haus opgewuess, wou hie vun nobäi matkritt huet, datt **dee ‚Grand-Duché‘, deen de Wëllem I. um Wiener ‚Postnapoléon‘-Kongress 1815 souzosen als Auerketten un de Jilli gehaang krut, him net apaart vill bedeit huet.**

Wien eis Nationalgeschichte vun deer Zäit zerguttst kennt, dee versteet, datt **eisem Nationaldichter Dicks säi Schrëftstellertitel wierklech eng duebel Bedeitung** huet. Et dierf ee sech dach vläicht froen, firwat dee Jong aus héchster Famill esou e ‚fanatesche‘ Furri mat eiser Sprooch hat...mä hien huet aus deer alleréischer Rei **gewosst a gespiert, datt de Grand-Duché am Fong just e Vull fir déi éischtbesch Kaz wier.** Iwregens ass et jo och nach zu senger Liefzäiten, an de 60er Joeren ënnert dem Wëllem III an engem Kouhandel mam Napoléon III esouwäit gewiescht; **ee Gléck hate mir de ‚gudde Pränz Hary‘;** e komplexen Ëmstand, deem säi (gutt) Enn eis Frënn vun der Walfer Gemeng hoffentlech eng Kéier wäerten ze éiere wëssen; schléisslech ass hien do mat senger Fra Amalia ‚doheem‘ gewiescht.

Datt eis Sprooch en Häerzstéck vun eiser Identitéit wier, huet de Gouverneurjong de la Fontaine nëmmen ze gutt verstan a besonnesch gefillt! **Him hätt, als héichgestallten Intellektuellen eis kleng Sproochelche jo kënnen egal sinn;** also muss eppes un him ‚geschafft‘ hunn, dat vill méi wäit geet wéi seng ‚Mumm Séiss‘ an seng sëlchen aner Leeschtungen, wéi z.B. och säi Gewudders iwver eis Sprooch selwer.

Net fir näischt fanne mir dann och **bannent 4 Joer der gläich 3 vun eisen éischte Sproochmänner,** déi den Titel ‚Nationaldichter‘ am duebele Sënn héich verdéngt hunn (Dicks*1823/Lentz*1824/Rodange*1827). **Dat hu mir vun der Actioun-Lëtzebuergesch jo dann och mat eiser Plackett ‚Dicks-Rodange-Lentz‘ vum Julien Leffèvre konkret ëmgesat,** grad ewéi mir u jidfer markant Haus aus hirem Liewen eng Gedenkplack gehaang hunn!



De 25. Abrëll hat da fir d'200. Gebuertsjoer vum Dicks, den CNL (Centre de Littérature) vu Miersch, zesumme mat Soliste vum Wëlzer Gesankveräin, e genëssegen Dicks-Owend organiséiert, deen d'Madame Professor Josiane Hansen dotëscht flott mat Wuert a Bild illustréiert huet. Bravo, eng Schlabäiz!

Zwee Männer?

Et ass net fir d'éischt (vläicht och net fir d'lescht), **datt mir äis hei ‚mat dëser Klenggeheet hunn‘.** Ower mir sollen äis bewusst sinn, datt den Ënnerscheid vun eise Numeral ‚ZWEE-ZWÉI(N)-ZWOU d'Lëtzebuergesch vun alle Sproochen hei ronrëm ënnerscheet!

Vläicht denkt dir elo, **dat wier dach ‚Méckepéilerei, Fixspéinsspëtzen, Klenggekeetskréimerei‘;** an engems fanne mir et ower supernormal, datt een am Engleschen z.B. ‚to-too-two‘ muss am Schrëftleche vuneneen ënnerscheeden...alles Klenglechteeten, gelldir.

Huet dir iech ewell iwverluecht, datt mir mat eiser butzeger Sprooch do eng ganz eege Positioun halen... an datt iwregens kee vun eise beschte Schreiwerte vun ‚zwee‘ Männer schwätzt; mä dunn ass et och keng TV ginn, gelldir, wou et zwi,deux, two, dos fir Männer, Fraen a Kanner heescht; och kee Radio, wou besonnesch déi däitsch Texter vun der DPA (Deutsche Presse Agentur) sollen an eis Sprooch geholl ginn; dat muss een da kënnen...oder léieren.

Iwregens: *Zwee Männer*, do ass et engem e bëssen, wéi wa vun deene vun deer ‚anerer Akademie‘ giff rieds goen. A wa scho: firwat gétt am Fong net vun ‚zwee Frae‘ geschwat?

vum Lex Roth



Eis ‚konstitutionell‘ Sprooch

Jidderee vun äis huet dann elo de ganzen ëmgeschafften Text vun eiser Verfassung dräisproocheg an séng Bréifkëscht kritt; natierlech mat deem Artikel 4., deen eis Sprooch souzose kréint. Déi ‚rafistoléiert‘ Constitioun trëtt den 1. Juli a Kraaft...exakt op den Dag vun eiser iwvernächster KLACK. Dat soll äis et da mengerwäreg dowäert sinn, eng ganz Nummer iwver dës ‚Krënung‘ ze maachen, un deer zugudderlescht d'Actioun-Lëtzebuergesch ‚schëlleg‘ ass. Et gétt jo souvill gär ze séier vergiess, gelldir? ☺

Knadderknadder

Firwat heescht et ewell ‚kierzlech‘ aplaz ‚an der lescht‘? Firwat ‚meeschteren‘ aplaz ‚meeschter ginn‘, a woufir ‚zréckkommen/zréckginn/zréckhuelen‘ aplaz ‚erëmkommen, erëmginn, erëmhuelen‘? Vive den ADR/ZDF/RTL!

An engem Gespréich do ronrëm geet et dann ëm *deé sakrosankt sougenannt ‚Entwécklung/Evolutioun‘* vun all Sprooch. Déi ass an der Rei, ower hei lafe mir ower am Lëtzebuergesch op e Stack! **Mir nennen zevill einfach ‚Entwécklung‘, wat mir eeriicht aus egal watfir enger Sprooch eranhuelen,** ouni äis dee mannste Gedanken driwwer ze maachen, ob mir da fir déi ‚nei‘ Ausdröckweisen net souwisou eiser eegener hunn. Ower all ‚Ausriede‘ sinn do...fir gebraucht ze ginn, gelldir?

Lëtzebuergesch an der Schoul

E Kapitel, dat zënter genee 111 Joer ‚schleeft‘ (Schoulgesetz vun 1912!). E Bichelche vum Nic. Welter an dem Veianer René Engelmänn, dat et mat x-Editione ron 35 Joer als Schoulbuch gepackt huet; **eng krommenoleg Zermeeschtereit tëscht 2 Professeschfamilie weinst enger onméiglecher Schreifweis,** déi eis Sprooch an der Schoul eng aremséileg Bremserei kascht huet, war dann de Schluss dovun, ower och praktesch mat eiser Sprooch an de Schoulen...bis eis Actioun-Lëtzebuergesch un deer Saach mat méi oder manner Erfolge geréselt hat. Mam Sproochgesetz vun 1984, dem Schafe vum ‚Zenter fir d'Lëtzebuergesch Sprooch(ZLS), an elo eiser Sprooch an eise ieweschte Gesetz, wier jo dann **ze hoffen, datt eisen ‚Nationalidiom‘ och schoulméisseg endlech eeschtgehol giff ginn!** Op deen ‚Eescht‘ komme mir nach méi dacks ze schwätzen/schreiwien.

Eises

Et wier net iwvel, wann emol dës oder déi ‚Sproochpersoun‘ sech giff, privat oder offiziell **domat ofginn, an engem Dictionnaire oder dem LOD déi Wierder/ Ausdréck systematesch erauszepëtzen,** déi onverwiesselbar EISER sinn; dir gengt iech wonnereen.

Beispiller: *engem eng fachen - klaken - flättschen - drogginn - erofmoossen - op d'Schnëss/ d'Sabbel/ an d'Gesicht ginn...trëntelen, schleefen, héissen, hippen...birelen, Kreesch din, jäizen, pintschen...knätschen (Knätschgummi!), schluppen...*

A firwat net elo, an der Oktavzäit, sech net drun erënneren, datt et de ‚gebakene Fësch‘ an de ‚Schappnougat‘ soss néierens esou gétt wéi hei. Frot emol sossenzwou *gliese Jicken, Gromperkichelcher, eng Bouneschlupp, gebrannten Nëss, e Stéck Bont oder Mummentaart, Verwurelter, Wäinzoossiss, Kuddelfleck, eng Poretten-zapp...*

‚rappen‘, 100% lëtzebuergesch

Probéiert emol, erauszefannen, **wat fir eng Roll dat ‚Gerapps‘ an eiser Sprooch spillt,** an dat dann och an eng aner vun ‚eise‘ Sproochen ze iwwersetzen...wierklech net einfach! Natierlech läit et no beim franséische ‚râper‘, z.B. bei ‚Kéis rappen,

mä dat wier et dann. ‚Sech eng rappen‘, e Witz rappen, e Kalennerblat erofrappen, eng ‚Rappecht‘ kréien, e kleng ‚Rappdeckel‘, sinn asw.; dat passt ewéi de Fanger an d'Nues...wou mir dann alt erëm en (zwar net grad appetitlechen) Ausdröck erauszéien – e Koz – eng verdréchent ‚Schnuddel(!)‘ ka fannen; djee, et ass ower nun emol typesch Eises; mä sicht emol ‚Korrespondenz an anere Sproochen. Brrr!



E Kalennerblat erofrappen
Foto: Shutterstock